N°531
Entrée le 02.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°531 vum 25. Mäerz 2024 vun den éierewäerten Deputéierten den Häre Marc Goergen a Ben Polidori iwwer "Paiement des primes pour panneaux photovoltaïques"**

**Wéi vill Demandë fir d'Subventioun vu Photovoltaiksanlagen goufen 2022 oder virdru gemaach a sinn nach net ofgeschloss?**

D'Unzuel vun den Demanden déi vun 2017 bis 2022 ënnert dem "Klimabonus Wunnen" Regimm fir Fotovoltaikanlagen erakomm si beleeft sech op 2.969. Dovunner sinn 2.806 Demandë finaliséiert ginn a 17 Demandë sinn an der Ausbezuelprozedur. Bei 146 Demandë waart d'Ëmweltverwaltung (AEV) nach op zousätzlech Informatioune vun den Demandeure fir kënnen den Dossier ofzeschléissen.

**Wéi vill Demandë goufen 2023 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?**

D'Unzuel vun den Demanden déi 2023 ënnert dem "Klimabonus Wunnen" Regimm fir Fotovoltaikanlagen erakomm sinn beleeft sech op 2.426. Dovunner sinn 189 Demande finaliséiert ginn an 209 Demande sinn nach an der Ausbezuelprozedur. Bei 248 Demande waart d'AEV op zousätzlech Informatioune vun den Demandeure fir den Dossier kënnen ofzeschléissen. 1.780 Demande sinn nach net ofschléissend traitéiert ginn.

**Wéi vill Demandë goufen 2024 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?**

D'Unzuel vun den Demanden déi bis den 31. Mäerz 2024 ënnert dem "Klimabonus Wunnen" Regimm fir Fotovoltaikanlagen erakomm si beleeft sech op 1.117. Dës Demande sinn nach net ofschléissend traitéiert ginn.

**Wéi al ass déi eelsten Demande, déi agaangen ass an nach net ofgeschloss ass?**

Déi eelsten Demande a Bezuch op eng Fotovoltaikanlag am Kader vum "Klimabonus Wunnen" Regimm déi nach net kontrolléiert gouf, ass op de 5. Juli 2023 datéiert. Déi eelsten Demande vun enger Fotovoltaikanlag am Kader vum "Klimabonus Wunnen", bei där d'Verwaltung op zousätzlech Informatioune vun den Demandeure waart fir kënnen den Dossier ofzeschléissen, gouf Enn 2017 agereecht. Et sief awer präziséiert datt just a vereenzelte Fäll Dossieren esou laang opstinn.

**Wat ass d'Duerchschnëttswaardezäit fir d'Ausbezuelen vum Klimabonus fir PV-Anlagen am Joer 2022, am Joer 2023 an am Joer 2024 (Stand Mäerz)?**

Bei den Demandë fir eng Fotovoltaikanlag déi 2022 an 2023 erakomm si war d'Duerchschnëttswaardezäit fir d'Ausbezuele vun der Hëllef 1 Joer. Dësen Delai konnt rezent op 10 Méint reduzéiert ginn. Beméiunge fir dësen Delai weider ze verkierze sinn am Gaang. Dozou gehéieren d'Iwwerschaffe vun de Formulairen, d'Ausschaffe vun enger Strategie fir d'Unzuel vun onvollstännegen Dossieren an Zukunft ze reduzéiere, souwéi d'Optimisatioun vun den interne Prozesser.

Doriwwer eraus ass ze bemierken datt, esou wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, d'Virfinanzéierung vun de Klimasubsiden wäert agefouert ginn, fir datt d'Bierger nëmmen hiren Deel bezuele mussen. An deem Kontext wäert d'Regierung och dofir suergen, datt déi betraffe Betriber bannent kuerzer Zäit déi virgesinne staatlech Subside kréien. Et ass geplangt, esou ee Virfinanzéierungsmechanismus an enger éischter Etapp fir Fotovoltaikinstallatiounen anzeféieren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit